LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 6 octobre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 15:01, 06/10/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°2727 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2727 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Dieschbourg

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an der Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n°2727 vum 26. August 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert "Fermeture d'un chantier dans la commune de Beckerich"**

**1)** Den Ëmweltministère ass am Juni mat enger net geneemegter Biotopzerstéierung innerhalb vum Bauperimeter befaasst ginn, net matt enger Ufro fir en Crèche ze bauen. De Ministère ass net kompetent fir iwwer de Bau vun enger Crèche am Bauperimeter ze decidéieren an en huet keng Kenntnis vun engem diesbezüglechen Bauprojet an der Gréngzon.

Fir d'Fro no der Konformitéit vum Bauprojet mam Bebauungsplang ass de Buergermeeschter zoustänneg.

Am August huet d'ANF vun der Gemeng de genée Verlaf vum Bauperimeter matgedeelt krit. Bei der Iwwerlagerung vum Bauperimeter an dem kommunalen Biotopkadaster stellt sech eraus, datt wuel och eng Zerstéierung an der Gréngzon stattfont huet. De Parquet enquêtéiert.

**2)** Fir den hypothetesche Fall, deen den Honorabelen Deputéierten evoquéiert, ass et dem Demandeur iwwerlooss, ob hien eng gemeinsam oder zwou separat Geneemegungen ufreet. Traitéiert ginn se no den jeeweils relevanten Dispositiounen vum Gesetz.

**3)** En Ecobilan gëtt net gefuerdert wann e Projet per se contraire zum Gesetz ass an net ka geneemegt ginn.

Den Artikel 17 Paragraph 2 definéiert präzis, a wéi enge Fäll eng Biotopzerstéierung ka geneemegt ginn.

**4)** Ech verweisen hei op den *Arrêté ministériel du 27 mars 2020 relatif aux modalités de calcul du système numérique d'évaluation et de compensation en éco-points* http://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-amin-2020-03-27-a248-jo-fr-pdf.pdf an de Leitfaden dozou, deen op der Säit 15 schreift: *3.3.4 Umgang mit Teilzerstörungen oder Umwidmung von Biotopen oder Lebensräumen*: *Ein Biotop oder Lebensraum ist immer in seiner Ganzheit zu betrachten, auch wenn die Planung nur Teilbereiche beansprucht. Kann bei einer Teilzerstörung das Biotop oder der Lebensraum die ökologische Funktionalität nicht mehr gewährleisten, so ist das ganze Biotop oder der ganze Lebensraum in die Bewertung des Ausgangszustands zu integrieren, und somit zu kompensieren.*

No der nach lafender Enquête wäert och d'Fro no dem quantitativen a qualitativen Ersatz vun eventuell zerstéierten Biotopen an der Gréngzon ze kläre sinn.

**5)** Jo.

**6)** Am besote Fall huet de Requérant en « abattage d'arbres » ugefrot a krut doropshin vum Ministère matgedeelt, datt den Dossier misst duerch en Ecobilan completéiert ginn, wëll et sech am konkrete Fall em eng « réduction, destruction et/ou déterioration de biotopes protégés, d'habitats d'intérêt communautaire et/ou d'habitats des espèces d'intérêt communautaire pour lesquelles l'état de conservation des espèces a été évalué non favorable » handelt an zwar op engem « terrain étant situé à l'intérieur de la zone destinée à être urbanisée ». (Zitéiert aus der décision ministérielle vum 16 Juni 2020).

**7)** Tatsächlech wier en Ecobilan an der Gréngzon fir e private Projet „iwwerflësseg", an ass och net vum Ministère gefrot ginn.

D'Zerstéierung vun dem geschützte Biotop an der Gréngzon ass Géigestand vun enger lafender Enquête.

**8)** Am spezielle Fall war en „abattage d'arbres" am Bauperimeter ugefrot, an net eng Biotopzerstéierung an der Gréngzon. D'Fälle vu Beem bzw. engem Bongert innerhalb vum Bauperimeter ass geneemegbar an den Dossier ass richteg traitéiert ginn.

**9)** Schwieregkeeten fir eng Grenz vun enger Kadasterkaart op den Terrain ze iwwerdroen gëtt et säit et Kadasterkaarte gëtt. An deenen allermeeschte Fäll, mat deenen d'Verwaltungen vum Ëmweltministère ze dinn hunn, ass et méiglech mat Hëllef vun den techneschen Gemengeservicer eng zefriddestellend Iwwerdroung vum Plang op den Terrain ze erreechen.

**10)** Et steet all Bierger, deen fir eng Irregularitéit responsabel ass, zou, dës ze regulariséieren, ausser eng gesetzlech Dispositioun géif déi generell Méiglechkeet ausschléissen. D'Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 beinhalt keng Dispositioun, déi eng nodréiglech Regulariséierung géif ënnersoen. Et ass awer evident, datt nëmmen Faiten regulariséiert kënne ginn, déi dem Gesetz no autorisabel sinn. Wann, wéi am spezifesche Fall, den urspréngleche Objet net méi existéiert an eng fachlech Aschätzung net méi méiglech ass, muss mat Hypotheesen geschafft ginn. Generell gëtt an esou Fäll de „worst case" als Bemiessungsgrondlag ugeholl. Dëst bedeit am konkrete Fall, datt nierft der Existenz vum geschützte Bongert och nach ugeholl gëtt, datt d'Fliedermauspopulatioun déi an der Noperschaft lieft, an dësem Bongert reegelméisseg gejot huet. Doduercher gëtt fir de Requérant de Bedarf u Kompensatioun méi grouss an ënnert dem Strëch méi deier.

**11)** Eng gestallten Demande gëtt net einfach esou hifälleg. Et muss iwwerpréift ginn, ob den Objet vun der Demande prinzipiell ka geneemegt ginn oder net.

**12)** Eng Strofdot besteet ab deem Zäitpunkt wou se begaange ginn ass, an eng nodréiglech Regulariséierung hieft de Fait, dass eng Strofdot begaange ginn ass, net op. Natierlech kann sech an deem Fall d'Fro stellen, ob eng strofrechtlech Poursuite dann nach opportun ass, mee dat decidéiert de Parquet, vu Fall zu Fall an an aller Onofhängekeet, opgrond vum Prinzip vun der „opportunité des poursuites".

**13)** Nee. Eng eventuell Regulariséierung am Sënn vum applikabelen Ëmweltgesetz ass onofhängeg vun enger eventueller Strofverfolgung déi vum Parquet decidéiert gëtt, sou wéi et an der Äntwert op déi 12. Fro explizéiert ass. Wann de Parquet an engem Fall eng Strofverfolgung ageleet huet, an d'Geriicht ass doduerch vun deem Fait saiséiert ginn, dann ass et um Geriicht fir ze decidéieren, op Basis vun der Onofhängegkeet vun de Geriichter, ob enger eventueller Kompensatioun beim Festleeë vun der Strof soll Rechnung gedroe ginn oder net. D'Bezuele vun enger Kompensatioun kann awer op kee Fall verstane ginn als eng Regulariséierung, déi d'Geriicht kéint drun hënneren, fir eng vum Gesetz virgesinne Strof auszespriechen.

**14)** Et ass effektiv eng Praxis vu verschiddene Verwaltungen, fir an enger Saach, wann de Parquet bis ageschalt ginn ass, näischt méi ze maachen, an dat, a ville Fäll, bis d'Geriicht säin definitiivt Urteel gesprach huet. Dat ass awer éischter eng Virsiichtsmoosnam, well et gëtt kee grondsätzlecht juristescht Prinzip wat dat géif an alle Fäll verlaangen.

Op där aner Säit kënnt et awer och vir, dass Verwaltungen nodréiglech eng Autorisatioun ausstellen, an dat ass och e Fait, deen en Afloss kann hunn op dem Parquet seng Decisioun, fir eng strofrechtlech Poursuite anzeleeden oder net.

Eng kloer gesetzlech Limitt stellt an dem Kontext awer den Artikel 141 vum Strofgesetzbuch duer, deen eng Strof vun engem Mount bis zwee Joer Prisong an eng Geldstrof vun 251 bis 45.000 Euro virgesäit, wann ee wëllentlech eng Strofermëttlung doduerch wëll verhënneren oder erschwéieren, dass een z.B. den Tatort ännert oder Spuere verwëscht. Eng Verwaltung kann also am Prinzip nach an engem Dossier weiderschaffen, oder och nodréiglech eng Autorisatioun austellen, och wann de

Parquet scho befaasst ass, soulaang se domat d'Strofermëttlung net erschwéiert oder verhënnert am Sënn vun deem genannten Artikel.

**15)** Wéi den honorabelen Deputéierte ganz richteg festgestallt huet gesäit d'Ëmweltschutzgesetz schwéier Strofe vir. Dat ass awer kee Grond fir de Parquet, fir bei deenen Infraktiounen anescht virzegoe wéi bei aneren Infraktiounen och. Grondsätzlech appreciéiert de Parquet ëmmer, op Basis vun der Opportunitéit vun der Strofverfolgung, all Dossier mat all sengen Elementer, an decidéiert duerno, vu Fall zu Fall, ob eng Strofverfolgung ageleet gëtt oder net. Zu deenen Elementer gehéieren natierlech och Considératiounen, déi mat der Strofvollstreckung vum Urteel no der Poursuite ze din hunn, wéi z.B. d'Opportunitéit vum Erëmhierstelle vun der Situatioun, wéi se virun der Strofdot bestanen huet.

**16)** Am zitéierten Artikel vum Lëtzebuerger Wort sinn effektiv Aussoe gemach ginn, déi am Kontext vum Dossier net ganz akkurat waren. Sou ass de Baustopp, fir exakt ze sinn, net verhaangen ginn, well Beem an der Gréngzon ewech geholl gi sinn, mee virop opgrond vun engem Verstouss am Kader vun der Demande duerch de Requérant fir eng Biotopzerstéierung innerhalb vum Bauperimeter. Bei der Kontroll um Terrain huet sech erausgestallt, dass méiglecherweis iwwert d'Biotopzerstéierung am Bauperimeter eraus, fir déi kéng Autorisatioun virloung, och Beem an der Gréngzone ewech geholl gi sinn. Dem Requérant seng Terrainen läien wéi bekannt zum Deel am Bauperimeter an zum Deel an der Gréngzon. Ausserdeem sinn am selwechten Artikel, mat Bezuch op den Déplacement vun der Bilanzéierungsekipp vun der ANF nom Baustopp, Zesummenhäng gemaach ginn, déi esou net der Realitéit entspriechen: D'Bilanzéierung vun der Biotopzerstéierung (am Bauperimeter) duerch d'ANF ass nämlech am Kader vun der ursprénglecher Demande vum Bauhär gemaach ginn, a net als Suite vum Baustopp.